

## Néien Landesrecord : Staight distance to a goal mam ARCUS

Am Viermetteg hun mer décidéiert, dass mer mettes géifen fléien goen. Obschonns d'Wieder zu Useldeng net rekordverdächtig ausgesinn huet, woren mer zouversichtleg dass et iwwer Däitschland géing goen an dass mer Chancen hätten, fier en neien déclaréierten Landesrekord „Straight Distance to goal“ vun 138,4Km opzestellen, an mer hun eis preparéiert vier kuerz no 13 Auer mam Arcus ze starten. Den éischten Cumulus hun mer kuerz virun der däitscher Grenz errecht an konnten gutt un Héicht gewannen. Duerno ass et weider gaang



laanscht Utscheid, den Nürburgring, nördlech vun Koblenz iwwert den Rhein bis op den éischten Wendepunkt bei Dierdorf, östlech vum Rhein am Westerwald. Schonn um Wee fier dohin huet sech erausgestallt, dass den Wee fier zréck nach spannend sollt ginn. Et ass awer fier d'éischt mol weider iwwert den Hunsrück no Süden op Tréier gaang. Am Laaf vum Nomëtteg ass eng Waarmfront aus Westen eriwwegezunn, déi eis den Heemwee méi schwierig gestaltet huet, d'Thermiken sinn lues awer secher méi schwach ginn. Et ass awer um Enn duergaang vier mat méi schwachen 0,5-1



Meter Thermiken zréck op Useldeng ze fléien, wou mer um halwer 7 gelandt sinn.

Alles an allem en herausfordernden, interessanten an erfollegräichen Flug.

## Neien Landesrekord: Free out and return mam ARCUS!

Um 12:40 Auer ass et zu Useldeng lass gang, och wann d'Basis deen Moment net extra héich loung. Mer sinn dun vier d'éischt op Utscheid geflunn, wou mer e bessen gewaart hun, fier dass d'Wieder sech entwéckelen kéint an dass mer weider kéinten no Osten fléien. Et misst een awer Gedold op den Dësch bréngen fier weider ze kommen. Baal hätte mer zu Bitburg missten landen, wou mer am allerleschten Moment iwwert der Brauerei eng schwach Thermik fonnt haaten an mat ganz vill Gedoldrem lues konnten steigen.

Et konnt dun weider iwwert den Rhein bis an den Westerwald goen, wou mer gedréint hun an zréck op Useldeng geflunn sinn fier den aalen Landesrekord am free out and return ze verbessern.



Den Flug huet mer perséinlech gewiesen, dass Thermik fléien en op verschiddenen Deeg en Gedoldspill kann sinn, an een sech gedéllegen muss, wann enn Eerfolleg wellt hun. Et wor en Flug deen spannend bis zum Schluss war, et misst een sech matt ganz schwacher Thermik zréck heem kämpfen. Allgemeng léiert een op souengem Flug mei wei an engem Joer Training iwwert dem Terrain vun Useldeng. Eng gutt Geleenheet fier matt engem performanten Fliger ze fléien, éischt Erfahrungen mat engem 4 Klappen-Seegler ze maan an d'Method ze

léieren fier op Streck ze goen. Dovun oofgesinn léiert een vill dorriwwer wou Thermiken stinn an wéi een se zentréiert.